11.07.2026

World Scout Jamboree 2027 – Polen

# Luxembourg Contingent
# Newsletter 4

## Léif Guiden a Scouten vu Lëtzebuerg,

Mir mëllen eis mat engem néien Newsletter vir den Jamboree 2027 a Polen. Hei fannt dir déi éischt konkret Infoen zum Transport an zu der Noreess

## Transport

D'Participanten a Chef fuere mat Busser an der Nuecht vum 28. op den 29. Juli 2027 a Polen. D'ISTs fuere vum 26. op de 27. Juli 2027.

## Norees

**Datum:** 9. – 15. August

**Programm:** Mir proposéieren e Programm vu 7 Deeg. Et erwaart iech e gudde Mix aus Natur, Stad a polnesch Kultur. Niewent Warschau ass och de Besuch vun enger weiderer Stad virgesinn.

**Umeldung:** D'Umeldung gëtt Mëtt September op. D'Unzuel u Platzen ass an enger éischter Phase op 250 limitéiert. Bei groussem Interessi besteet awer d'Méiglechkeet, d'Zuelen no uewen unzepassen.

**Präis:** Mir envisagéieren ënner 750 Euro op de Kapp ze bléiwen.

## Informatiounen aus dem lëschten Newsletter

**! Mir erennere drun, dass den zweeten Accompte bis den 15/05/2026 fälleg war !**

**Rechnung:**

Aus dengem Grupp gi **méi wéi** dräi Léit mat op den Jamboree?

- Dann leeft d'Rechnung fir d'Acompten iwwert de Grupp.

Aus dengem Grupp gi **manner wéi dräi** Léit mat op den Jamboree?

- Dir kritt d'Rechnung perséinlech gescheckt.

**Remboursement Policy:**

- **D'Acompte si fälleg fir déi uewen genannten Deeg a sinn net remboursabel.**
- Ausnam: Et fënnt een ee gëeegente Remplaçant. Bei der Decisioun huet den CMT dat lescht Wuert.
- All weider Remboursementer ginn nom Camp gemaach, wann de finalen Decompte gemaach ass.

**Cheffversammlung:**

Den 10. Abrëll hunn sech zu Munneref d'Cheffen aus de verschiddenen Unitéite getraff a kruten hei déi éischt wichteg Informatiounen.

**IST-Versammlung:**

Den 20. Abrëll hunn sech d'IST'en vir eng Online-Versammlung getraff. Hei kruten si éischt Infoen iwwert hier Jobs.

## Méi Informatiounen:

**Social Media:**

Du wëlls reegelméisseg Updates an deng Timeline gespullt kréien? Da folgt eisem Instagram Account: @wsj2027_luxembourg

**Site:**

Du bass op der Sich no néien Informatiounen? Da klick dech duerch eise Site, de gëtt reegelméisseg aktualiséiert! https://wsj2027.sil.lu

**FAQ:**

Du hues eng konkret Fro? Kuck gären an eisem FAQ no op deng Fro scho gestallt gouf. https://wsj2027.sil.lu/faq/

**Froen? Mir si fir iech do!**

Bei all aneren Froen, schréiw eis eng Mail un cmt@wsj2027.sil.lu

**Mat de beschten Guiden- a Scoutsgréiss,**
*Fir de Lëtzebuerger Contingent*
**Tahr & Charel**